

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an un den Här Energieminister weiderzeleeden.

D'Regierung wëll ëmmer méi op Elektrogefierer setzen. Batterië vun esou Gefierer hu laut Hiersteller eng Liewensdauer vu ronn 8 bis 10 Joer. De Bau vun dëse Batterië verbraucht vill seelen Äerden ewéi Graphit, Lithium, Kobalt, asw., déi aktuell haaptsächlech aus China importéiert ginn. Des Weideren ginn déi genannt Rohstoffer och an anere Schlësselberäicher wéi der Elektronik (Computeren, Handyen...) staark nogefrot. Nom Oflaf vun deenen 8 bis 10 Joer mussen d'Batterië, mat hire ville seelen Äerden an Ëmwelt belaaschtende Stoffe, entsuergt ginn. Als Léisung fir des Probleemer gëtt vun den Unhänger vun der E-Mobilitéit de Recycling vun de seelen Äerden genannt, wann d'Batterië fir den Auto net méi ze gebrauche sinn. Sou e Konzept setzt awer selwer och eng Rei Begebenheete viraus. Et brauch een Terrain fir de Site, qualifizéiert Personal, techneschen Equipement asw. Wéi zum Beispill am Artikel "Keine Pläne für Recycling-Anlage für E-Auto-Batterien" deen de 16.05.2021 um Zitt vum Saarländischen Rundfunk publizéiert gouf, ze liese war, feelt et eisem saarländesche Partner an der Groussregioun aktuell un engem Konzept, fir mat deene séier steigende Quantitéite vun ofgelafene Batterië vun Elektroautoen ëmzegoen. Wéi Eurotransport schreift, gëtt de Problem nach zousätzlech doduerch komplizéiert, datt d'Produktioun vun Autosbatterien technologesch net standardiséiert ass an déi ënnerschiddlech Modeller doduerch och ënnerschiddlech Recyclingprozedure viraussetzen. Wéi d'Süddeutsche Zeitung schlussendlech schreift, sinn nom Stand vun 2018 25 bis 30 Prozent vun den Elektronikoffäll an der EU illegal an d'Ausland exportéiert ginn, dorënner och all Zort vu Batterieschrott (Hausbatterien, Autosbatterien...).

An dësem Zesammenhang wëlte mir der Regierung gär des Froe stellen:

- 1) Verfüügt Lëtzebuerg aktuell iwwee eege Kapazitéite fir de Recycling vu Batterien aus Elektroautoen? Wa jo, wéi eng sinn dës? Wann net, ass d'Kreatioun vu sou Kapazitéiten an noer Zukunft virgesinn? Huet d'Regierung eventuell eng international Exportkonventioun fir d'Entsuergung respektiv de Recycling vun deene genannte Batterien ënnerschriwwen?
- 2) Kann d'Regierung um hypotheetesche Beispill vun enger 100 Kilo Batterie opschlësselen, wéi eng Ressourcen dës enthält, wéi eng Ressourcen dovunner beim Recycling erhale bleiwen an a wéi engem Beräich des duerno nees agesat ginn? Kann se ausserdeem präziséieren wou an ob wéi eng Manéier déi net méi verwendbar Rohstoffer entsuergt ginn?
- 3) Wie kënnt fir d'Entsuergungs- respektiv Recyclingkäschte vun de Batterië vun Elektroautoen op? Falls d'Äntwert op dës Fro ganz oder deelweis de Staatshaushalt


betrëfft, kéint d'Regierung da w.e.g. konkret Zuele fir d'Budgetsjoren 2018, 2019 an 2020 nennen?

- 4) Wéi eng Entsuerungs- a Recyclingkäschte sinn zënter 2013 fir d'Batterië vun elektresch bedriwwene Gefierer am öffentliche Déngscht entstanden?
- 5) Huet d'Regierung Informatiounen iwwer méiglech illegal Exportpraktike vun Offall aus Batterië vun Elektroautoen hei am Land? Wa jo, wéi gedenkt si géint dee Problem virzegoen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten



Fred Keup  
Deputéierten